LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# Meeschtgestallte Froen zum Ofschloss vum Schouljoer fir Premièresschüler an zum Premièresexamen

## FAQ zum Joresprogramm an zur Bewäertung vum 2. Semester

1. **Wéi gesäit de Kalenner no der Ouschtervakanz aus?**

   No der Ouschtervakanz geet et weider mat zwou Wochen Homeschooling; de **4. Mee** fänken dann är Coursen an der Schoul erëm un.
   An der Zäit vum 4. Mee bis de 8. Mee gitt dir **an zwou Gruppen** opgedeelt, fir datt dir den néidegen Ofstand hale kënnt. D'Coursë vun den zwou Gruppe lafe wärend dem Dag versat. Jiddwer Grupp hëlt esou un alle Coursen deel. Just d'Optiounen an de Sport falen ewech.
   Dir wäert zu dësem Zäitpunkt **eleng am ganze Gebai** sinn, well déi aner Klassen nach net mat de Coursen ugefaangen hunn. Dir kommt dofir net a Kontakt mat anere Schüler.
   Vum 11. bis de 14. Mee maacht dir déi obligatoresch Prüfungen, déi äre Conseil de classe festgeluecht huet. Och do bleift dir an zwou Gruppen opgedeelt, mee dir maacht natierlech déi selwecht Prüfungen.
   Dir kommt **déi Deeg just an d'Gebai, fir d'Prüfungen ze schreiwen**, an kënnt no der Prüfung d'Gebai verloossen. Och hei kann de Kontakt mat anere Schüler bal ganz ausgeschloss ginn.
   De **15. Mee** kennt Dir all Är Noten. Spéitstens da musst dir pro Fach a Matière decidéieren, ob dir just d'Moyenne vum éischte Semester gëlle loosst oder ob dir d'Moyenne vum éischte an zweete Semester an d'Joresnote afléisse loosst. Wann dir iech fir déi zweet Léisung decidéiert, kënnt dir nach en **„Devoir optionnel" a maximal dräi Fächer oder Matièrë** maachen.
   Dës „Devoirs en classe optionnels" gi vum **18. bis den 20. Mee** geschriwwen.
   Den 22. Mee sinn d'Conseil-de-classen, a méindes de **25. Mee fänkt dann den Examen un**.

2. **Ginn no der Reprise vun den Coursen obligatoresch Prüfunge gemaach?**
   Obligatoresch Prüfunge ginn tëschent dem **11. an dem 14. Mee** geschriwwen, ausnamsweis och schonn an der Woch vum 4. Mee. Zil ass et, datt dir an esou vill Fächer ewéi méiglech eng Note fir d'zweet Semester kritt.
   D'Conseil-de-classë stelle fir all Klass e Prüfungsplang fir de Schluss vum Semester op. Déi néideg Informatiounen iwwert dës obligatoresch Prüfungen, déi nach op Iech zoukommen, kritt dir esou séier wéi méiglech matgedeelt.

Aus Zäitgrënn ass awer net garantéiert, datt all Fach mat enger Note ofgeschloss ka ginn. Dofir sinn dräi Léisungen iwwerluecht ginn, fir deem Rechnung ze droen (kuckt bei „FAQ zu de Semestermoyennen an der Joresnote").

3. **Wat muss ech fir déi obligatoresch Prüfunge léieren, déi tëschent dem 11. an dem 14. Mee geschriwwe ginn?**
   D'Matière, déi ze léieren ass, muss um **Programm vum Exame** stoen; de Volume muss dee vun enger normaler Prüfung sinn (kuckt bei „FAQ zum Examensprogramm an zu de Questionnairen").

4. **An engem vu menge Fächer sinn zwou schrëftlech Prüfungen am zweete Semester virgeschriwwen. Meng Klass huet bis elo just eng Prüfung gemaach. Muss ech no der Reprise vun de Coursen déi zweet Prüfung nach maachen?**
   De Conseil de classe decidéiert no der Ouschtervakanz, a wat fir enge Fächer obligatoresch Prüfunge geschriwwe ginn.

5. **Meng Klass huet an engem Fach am zweete Semester just eng Prüfung op 30 Punkte gemaach. Kann eise Proff déi Note mat zwee multiplizéieren, fir datt mir eng Semesternote hunn?**
   Neen. Fir eng Semesternote ze hunn, muss een op d'mannst eng Prüfung op 60 Punkte gemaach hunn.

6. **Meng Klass huet an engem Fach am zweete Semester just en Oral gemaach, mee nach keng schrëftlech Prüfung. Kann d'Note vum Oral als Semesternote geholl ginn?**
   Neen. D'Note vum Oral kann nëmmen als Semesternote geholl ginn, wann op d'mannst eng schrëftlech Prüfung geschriwwe ginn ass.

7. **Wéi wielen ech meng „Devoirs optionnels" aus, déi ech maache wëll?**
   Vum 4. bis de 15. Mee fannt dir e Formulaire um „eduBoard". Dee musst dir bis spéitstens de 15. Mee 2020 um 12h00 ausfëllen.

8. **Wéi vill „Devoirs optionnels" däerf ech maachen?**
   Et däerfe maximal **dräi** „Devoirs optionnels" gemaach ginn. „Devoirs optionnels" kënnen esouwuel Prüfungen an engem Fach wéi och an enger Matière („Ënnerfach") sinn.

9. **Ass en „Devoir optionnel" ëmmer eng schrëftlech Prüfung?**
   Jo.

10. **Wat kréien ech fir en „Devoir optionnel" ze léieren?**
    D'Matière, déi ze léieren ass, muss um **Programm vum Exame** stoen. En „Devoir optionnel" huet d'Längt vun **enger normaler Prüfung**.

11. **Wéi gëtt den „Devoir optionnel" verrechent?**

    Wann dir iech fir en „Devoir optionnel" decidéiert, dann ass déi **Decisioun verbindlech**. Wann dir zum Beispill am zweete Semester schonn zwou Prüfungen an engem Fach gemaach hutt, da fléisst den „Devoir optionnel" an d'Semestermoyenne eran. Et gëtt deemno **d'Moyenne** vun den dräi Note gemaach.

Wann dir am zweete Semester nach keng Prüfung gemaach hutt, dann ass d'Note vum „Devoir optionnel" zugläich d'Note vum zweete Semester.

12. **A menger Klass hunn all d'Schüler d'schrëftlech Prüfung gemaach, déi virgesinn ass, awer kee vun eis huet den Oral gemaach, dee virgesinn ass.**

    a) **Geet d'Note vun der schrëftlecher Prüfung duer, fir eng Note am zweete Semester ze kréien?**

    Jo, de Conseil de classe kann dat decidéieren.

    b) **Wie bestëmmt, datt nach en Oral no der Reprise vun de Coursë gemaach muss ginn?**

    Ären Enseignant kuckt, ob dat néideg ass.

    c) **Ka mäi Proff eis en Oral no der Reprise vun de Coursë virschreiwen?**

    Jo, deen Oral kann tëschent dem 4. an dem 14. Mee sinn.

13. **Wéi gesäit meng Zensur vum zweete Semester aus?**

    Op der Zensur vum zweete Semester steet an all Fach eng Note. Jee no der Decisioun, déi dir geholl hutt, ass dat d'Note vum éischten oder vum zweete Semester.

<u>**FAQ zum Examensprogramm an zu de Questionnairen**</u>

1. **Wat ass fir den Examen ze léieren?**

   Den Examensprogramm ass adaptéiert ginn, esou datt nëmmen déi Matière ze léieren ass, déi dir virun der Suspensioun vun de Coursen an der Schoul mat ären Enseignanten behandelt hutt.

2. **Wou steet den Examensprogramm fir meng Fächer?**

   De genauen Examensprogramm vun deenen eenzelne Fächer fënnt een op **„eschoolbooks.lu"** an der Rubrik **„Examen 19-20 Update"** (um Handy heescht déi Rubrik „EXAM UP"). Do stinn och d'Modalitéite vum Exame beschriwwen: Unzuel an Typ vu Froen, Punkteverdeelung, Bewäertungscritèren, Dauer vun der Epreuve asw.

3. **Wann ech an engem Examensquestionnaire Froe wiele muss, hunn ech dann nach genuch Zäit, fir den Examen ze schreiwen?**

   De Ministère huet decidéiert, datt an all Fach, an deem dir Froen auswiele musst, **20 Minutten** derbäi kommen, fir den Examen ze schreiwen.

4. **Kann ech dëst Joer ausnamsweis de Choix vu menge Fächer fir den Examen nach änneren?**
   Ausnamsweis kënnt dir eng Demande un är Direktioun riichten, wann dir e gudde Grond hutt.

## FAQ zu de Semestermoyennen an der Joresnote

### 1. Wéi ginn d'Joresmoyennë gerechent?

Bis de 15. Mee musst dir iech fir eng vun deenen heiten **dräi Optiounen** entscheeden. Dee Choix gëtt pro Fach gemaach a léisst sech esou resuméieren:

- Dir kënnt d'Note vum **1. Semester als Joresnote** ziele loossen; dee Moment zielt d'Note vum 2. Semester guer net. Dat kënnt dir maachen, wann är Note vum 2. Semester manner gutt ass ewéi déi vum 1. Semester.
- Dir kënnt **är Note vum 2. Semester ziele loossen** a mat där vum 1. Semester verrechnen. Vum 18. bis den 20. Mee kënnt Dir nach „Devoirs en classe optionnels" schreiwen, fir är Moyenne vum 2. Semester ze verbesseren. Wann dir dee Choix maacht, dann zielt déi Prüfung an är Joresmoyenne gëtt aus den Note vum 1. an 2. Semester gerechent.
- Wann am 2. Semester **keng Zäit méi war, fir eng Prüfung ze schreiwen**, da kënnt Dir iech entscheeden,
  - just d'Note vum 1. Semester ze zielen; dat ass dee Moment d'Joresnote.
  - vum 18. bis 20. Mee en „Devoir en classe optionnel" an deem Fach ze schreiwen, an da gëtt (wéi och bei der Optioun vu virdrun) d'Moyenne vun deenen zwee Semester gerechent, fir d'Joresnote ze kréien.

Esou oder esou musst dir fir iech entscheeden, wat am beschte passt. Wann dee Choix bis gemaach ass, da gëllt deen an da kënnt dir **duerno net méi decidéieren**, awer nach en anere Choix ze treffen, och dann net, wann d'Note iech net gefält.

### 2. Joresnote – op wat muss ech oppassen?

| **Fall 1 :** Just eng Note vum 1. Semester | | Note | Semester Moyenne | Jores-Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | […] | 40/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | keng | | |
| | „Devoir optionnel" | neen | | |
| **Dat 1. Semester zielt.** | | | | 40/60 |

| **Fall 2 :** Choix vum Schüler | | Note | Semester Moyenne | Jores Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | […] | 40/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | 36/60 | ~~36/60~~ | |
| | „Devoir optionnel" | neen | | |
| **D'Note vum 1. Semester gëtt gewielt.** | | | | ~~38/60~~ → 40/60 |

| **Fall 3 :** Choix vum Schüler | | Note | Semester Moyenne | Jores Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | [...] | 20/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | 42/60 | 42/60 | |
| | „Devoir optionnel” | neen | | |
| **D'Note vum 1. an 2. Semester gi gewielt.** | | | | 31/60 |

| **Fall 4 :** Choix vum Schüler: „Devoir optionnel” | | Note | Semester Moyenne | Jores Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | [...] | 20/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | keng | 36/60 | |
| | „Devoir optionnel” | 36/60 | | |
| **Déi zwee Semester zielen.** | | | | 28/60 |

| **Fall 5 :** Choix vum Schüler: „ Devoir optionnel” | | Note | Semester Moyenne | Jores Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | [...] | 28/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | keng | 26/60 | |
| | „Devoir optionnel” | 26/60 | | |
| **Déi zwee Semester zielen.** | | | | 27/60 |

| **Fall 6 :** Choix vum Schüler: „ Devoir optionnel” | | Note | Semester Moyenne | Jores Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | [...] | 25/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | 25/60 | 35/60 | |
| | „Devoir optionnel” | 45/60 | | |
| **Déi zwee Semester zielen.** | | | | 30/60 |

| **Fall 7 :** Choix vum Schüler: „ Devoir optionnel” | | Note | Semester Moyenne | Jores Moyenne |
|---|---|---|---|---|
| 1. Semester | | [...] | 32/60 | |
| 2. Semester | gemaachte Prüfungen | 30/60<br>26/60 | 26/60 | |
| | „Devoir optionnel” | 22/60 | | |
| **Déi 2 Semester zielen.** | | | | 29/60 |

3. **Kann ech als Joresnote fir déi eng Fächer d'Note vum éischte Semester a fir déi aner Fächer d'Moyenne vun deenen zwee Semester wielen?**

   Jo, dir kënnt äre Choix pro Fach oder Matière („Ënnerfach”) maachen.